D'Geschicht vum Frederik : (Leo Lionni)

Ronderëm enger Wiss, wou Päerd a Kéi gefriess hunn, stoung eng ganz al stenge Mauer. An dëser Mauer no bei der Schéier an dem Käerespäicher huet eng schnësseg Famill vu Feldmais gewunnt. Mä d'Bauere ware fortgeplënnert an d'Schéier stoung eidel. A well de Wanter gläich sollt kommen, hunn d'Mais ugefaange Kären, Nëss, Weess a Stréi ze sammelen. Alleguer d'Mais hunn Dag an Nuecht geschafft.

Alleguer hunn si geschafft ausser de Frederik. „Frederik, firwat schaffs du net?" hunn si gefrot. „Ech schaffen dach," sot de Frederik, „ech sammele Sonnestrale fir déi kal donkel Wanterdeeg". A wéi si de Frederik gesinn hunn, wéi hien esou do souz an op d'Wiss gekuckt huet, soten si: „ An elo, Frederik, wat méchs du dann elo?" „ ech sammele Faarwen", sot hie just, „well de Wanter ass gro." An eemol huet et ausgesinn, wéi wann de Frederik bal ageschlof wier. „Dreems du Frederik ?" hunn si mat Virworf gesot. „Mee nee," sot hien, ech sammele Wieder. Et gi vill laang Wanterdeeg – an da wësse mir net méi iwwer wat mir schwätze sollen."

Wéi dunn de Wanter koum, an de Schnéi gefall ass, hunn déi fënnef kleng Mais sech an hier Stopp tëschent de Steng zeréckgezunn. Am Ufank gouf et nach vill z'iessen an d'Mais hunn sech Geschichte gezielt vu Fiiss déi sangen a Kazen déi danzen. Do war d'Mausfamill ganz glécklech. Mä no an no ware bal all d'Nëss a Friichten ugeknabbert, d'Stréi war fort an u Käre konnten si sech bal net méi erënneren. Et wat op emol ganz kal tëschent de Steng vun der Mauer a kee wollt méi eppes soen.

Dunn ass hinnen op eemol agefall, wéi de Frederik vu Sonnestralen, Faarwen a Wieder geschwat huet. „Frederik", hunn si geruff, „wat maachen deng Reserven?" „Maacht d'An zou", sot de Frederik an ass op e grousse Stee geklommen. „Elo schécken ech iech Sonnestralen. Fillt der schonn, wéi waarm se sinn? Waarm a schéin a gëllen?" A wärend de Frederik esou vun der Sonn erzielt, gouf et de véier Maisercher scho vill méi waarm. Ob dat dem Frederik seng Stëmm gemaach huet? Oder war et en Zauber? „A wéi ass et mat de Faarwen, Frederik?" hunn si opgereegt gefrot. „Maacht d'An erëm zou", sot de Frederick. A wéi hie vu bloe Karblummen, roudem Mohn, a giele Felder, a vu grénge Blieder un der Hammbiersheck erzielt huet, du hunn si d'Faarwen esou kloer an däitlech virun sech gesinn, wéi wann si opgemoolt wären an hire Maiskäpp.

An d'Wieder Frederik?" De Frederik hëlt déif Loft, waart een Abléck, a sot dunn wéi vun enger Bün erof:

„Wien street Schnéiflacken, wien schmëlzt d'Äis? Wie mécht haart Wieder, wie mécht erëm lues? Wie bréngt de Glécksklei, am Juni erun? Wien mécht den Dag donkel, wien mécht d'Moundliicht un? Véier kleng Feldmais, wéi s du an ech, wunnen am Himmel an denken un dech. Déi éischt ass d'Fréijoersmaus, déi léist de Reen laachen. Als Moler huet d'Summermaus

d’Blume faarweg ze maachen. D’Hierschtmaus schéckt mat Nëss a Weess, schéi Gréiss. Schlappe brauch d’Wantermaus, fir hir kal Féiss. Fréijoer, Summer, Hierscht a Wanter si véier Joreszäiten. Keng méi, keng manner. Véier verschidde frou-sinn-ech Zäiten.“

Wéi de Frederik fäerdeg war, hunn si all geruff: „Frederik du bass jo en Dichter.“ De Frederik ass rout ginn, huet sech verneigt a sot: „Ech weess dir léif Mausgesiichter.“